ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 4. Abrëll 2016

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister an un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

D'Verfassung gesäit am Artikel 99 eng Limite fir, iwwer déi grouss Investissementer fir Infrastrukturen oder Gebaier mussen iwwert e Spezialgesetz geneemegt ginn. Dës Limite ass am Gesetz vum 29. Mee 2009 op 40 Milliounen Euro gehuewe ginn.

Duerzou wéilt ech den Häre Ministeren dës Froe stellen:

1) *Wéi eng Investissementer ënnert 40 Milliounen Euro huet dës Regierung, pro Ministère, geneemegt?*
2) *Fir all Investissement, wéi ass do de Statut vun den Aarbechten (an der Planung, an der Ausféierung, fäerdeg...)?*
3) *Fir Investissementer wou d'Aarbechten ofgeschloss sinn, kann d'Regierung do d'Zuele gi vum Devis a vum Decompte, respektiv dem Total vun der Rechnunge wann nach keen Decompte gemaach ginn ass?*

Mat déiwem Respekt

Fernand Kartheiser

Deputéierten